



CHAMBRE DES SALARIES
LUXEMBOURG

**Discours de Jean-
Claude REDING**
Vice-président de la CSL
à l'occasion de la
remise des certifications ECDL

Luxembourg, le 25 juin 2019

Léiw Verrieder vum Educatiounsministère, vun der Chambre de Commerce,
aus der Equipe curriculaire, dir Damen an Hären Schouldirekteren,
Enseignanten an Informatikresponsabel, an virun allem léiw Apprentien a
Schüler,

Ech freeën mech haut den Schüler an Apprentien aus de Formatiounen vum administrativen
Beräich hiren Europäeschen Computer Führerschäin – den ECDL– ze iwwerreechen an dëst
zesumme mat de Verrieder vum Educatiounsministère an der Chambre de Commerce.

Et ass haut déi 4. ECDL Promotioun fir Techniker Schüler an déi 6. Promotioun vum DAP.

Dëst Joer hunn insgesamt ronn 350 Jonker den ECDL gepackt, esou vill ewéi nach ni virdrun:

- 107 um Niveau DAP (80% vun den Apprentien hunn et gepackt)
- 243 Techniker vun der 2e (also 64% vun de Schüler déi matgemaach hunn).

De Mérite geet un iech. Bravo!

Fir des Zertifikatioun ze kréien hunn d'DAP Schüler missen 4 Tester bestoen:

- generell informatesch Kenntniss
- Tabellkalkulatioun
- Textveraarbechtung an • Web-Grondkenntniss.

D'Techniker Schüler hunn der 5 gemaach:

Déi 4 déi ech elo ernimmt hunn, an nach en Präsentatiounsprogramm.

Op dëser Platz well ech e grouse Merci ausschwätzen, éischtens emol un d'Schouldirekteren
fir hier Ënnerstëtzung, dann un d'Enseignanten déi de Schüler an den Apprentien bei der
Virbereedung op den ECDL gehollef hunn, an awer och un d'Informatiker fir hirt Engagement.

Ech wëll och di gutt Zesummenaarbecht op dësem Projet mam Educatiounsministère,
besonnesch mam Service vun der Berufsausbildung, a mat de Leit aus der Chambre de
Commerce ënnersträichen.

Léiw Schüler, d'Fortschrëtter am Beräich vun der Digitalisatioun sinn net ze bremsen a mir
alleguerten mussen och mat weider goen. Dofir ass den ECDL wichteg, an dofir setzt d'CSL
sech zesummen mat der Chambre de Commerce an dem Educatiounsministère fir dës

Zertifikatioun an.

Dir sidd 'Digital Natives'! Dat heescht dass dir iech eng Welt ouni Smartphone, Tablette, Laptop, Smart TV, asw. guer net virstellen kënn, well dir domat opgewuess sidd.

D'sozial Medien wéi Facebook an Instagram, Servicer fir Filmer oder Serien ze kucken wéi Netflix, sou wéi den Internet am Allgemengen benotzt dir quasi all Daag.

Doduerch hutt dir keng Hemmungen wat den Ëmgang mat informatéschen Instrumenter ugeet. Trotzdem gehéieren zur Aarbechtswelt spezifesche Kenntnisser, wéi zum Beispill den effizienten Ëmgang mat Bureatiquesprogrammen.

Étuden souwuel aus de skandinaveschen an germanophonen Länner wéi och aus Asien beweisen, dass et ville Jonken nach un dësen professionnelle Kenntnisser feelt.

A genau dowéinst spillt den ECDL eng wichteg Roll, well déi Kompetenzen déi am ECDL gepréift ginn, och déi sinn déi an der Berufswelt verlaangt ginn. Hautdesdaags ass den Computer mat sengen villen verschidde Bureatiquesprogrammen net méi aus dem Alldag ewechzedrécken – vill vun iech wäerten am Berufsliewen e gudden Deel vun den Aarbechtsstonnen um Computer verbréngen. Den ECDL ass also en Virdéel op ärem CV - net nëmmen hei am Land.

Ech erënneren drun dass den ECDL eng international an onofhängeg Zertifikatioun ass, déi beschäinegt dass een déi néideg Kompetenzen huet fir mat verschidde Computerprogrammer professionell an effizient ze schaffen. Den ECDL gëtt net nëmmen an Europa unerkannt mee quasi iwwerall – et ass méttlerweil déi meescht benotzten Zertifikatioun weltwäit!

Duerch hiren internationalen Succès huet d'Fondatioun déi fir den ECDL zoustänneg ass decidéiert, di Dénomination innerhalb vun den nächsten 2 Joer op 'ICDL' ze änneren: aus dem 'E' fir 'European' gëtt also en 'I' fir 'International'.

Dësen internationalen Succès gesinn mer och zu Lëtzebuerg:

- d'Unzuel un Salariéen, déi mir all oer vun Entreprises geschéckt kréien fir den ECDL ze maachen geet stänneg erop;
- et sinn Projeten an der Maach mam Staat wou mir villen Leit des Zertifikatioun an den nächsten Méint wäerten ubidden;
- ëmmer méi Privatpersounen kommen vu sech aus op eis duer fir den ECDL ze maachen.

Viru kuerzem hu mir eng Konventioun mat der INAP ënnerschriwwen, dem Institut National d'Administration Publique oder einfach ausgedréckt, dem Formatiounszenter fir

d'Staatsbeamten. Konkret heescht dat dass vum September un den ECDL och fir den öffentleche Secteur proposéiert gëtt.

Léiw Schüler, den ECDL ass also en zousätzlechen Virdéel wann dir iech bei ären zukünftigen Patron virstelle gitt. Mir sinn frou iech esou ze hëllefen d'Dier zu ärer beruflecher Zukunft méi wäit opzemaachen.

Zenter 2014 kennt all Hierscht en Vertrieeder vun der CSL an d'Schoulen fir iech den ECDL ze presentéieren. Zousätzlech zum Programm vum ECDL (ECDL Syllabus) an zum e-Learning Cours fir iech op d'ECDL Tester virzebereeden, krut dir dëst Joer vun eiser Berufschamber den ALT ('Adaptive Learning Tool') zur Verfügung gestallt.

Fir déi, deenen dat keen Begrëff ass, präziséieren ech dass den Adaptive Learning Tool en innovativen, digitalen Evaluatiouns an Formatiouns Instrument ass.

Wéi fonctionnéiert dëst Instrument?

Op Basis vun prakteschen Exercicen, ginn d'Kompetenzen déi den ECDL verlaangt gepréift. Doropshin kritt all Kandidat ofhängeg vun sengen Kenntnisser eng moosgeschneidert praktesch Formatioun. Dat heescht dat de Computer engem Uweisungen gëtt wéi di Aufgaben ze léisen sinn.

Ausserdeem generéiert den 'Adaptive Learning Tool' Rapporten mat Tutoriellen, op déi een och spéider zu all Moment kann zeréckgräifen.

Domadder wëllen mir iech, léiw Schüler an Apprentien, d'Méiglechkeet ginn iech mat den néien Technologien am Formatiounsberaich ze familiariséieren, fir dat dir vun deenen Avantagen profitéiert, déi dës performant nei Instrumenter erméiglechen.

Den Adaptive Learning Tool sollt iech also dobäi hëllefen, iech d'Kompetenzen unzëeegnen déi den ECDL verlaangt. Wann ech är Resultater mat deenen vun de Joren virdu vergläichen, mengen ech kënnen ze soen, dass den Adaptive Learning Tool e Succès ass.

Mir hunn dëst Joer insgesamt méi en héijen Taux de Reussite an daat esouwuel bei den DAP wéi och bei den DT Schüler. Fir d'Zukunft wënschen mir eis natierlech, dass dësen Taux nach weider erop geet.

Léiw Schüler, Léiw Apprentie,

Nach eng Kéier, Felicitatiounen un all d'Laureaten am Numm vu sämtleche Partner.

Ech soen Merci fir d'Nolauschteren a ginn der Madame Schaber, d'Direktesch vun der Berufsausbildung d'Wuert.